

## Nancy Arendt Ried Prostitution

Här President

Där Dammen an Hären

„ Die Prostitution und das begleitende Uebel des Menschenhandels sind mit der Würde und dem Wert der menschlichen Person unvereinbar und gefährden das Wohl des Einzelnen, der Familie und der Gemeinschaft...“

Matt diesen Wieder feiern Vereenten Natiouen 1949 hier Konventioun un , déi fir d'Ënnerbannen vum Mënschenhandel an géint d'Ausnutzung vum Aneren ass, an d' Bestrafung fuerdert - net vun de Prostituéierten, mä vun ALL deenen di dovunner profitéieren.

Och, an dat gëtt méi wie ee puermol betount, wann des Persoun déi an d'Prostitioun erageroden ass, selwer domatten averstanen ass, et also „fräiwëlleg“ mécht.

Et schéint mir evident ze sinn dat des Prinzipien di fundamental Rechter vun deen Schwaachsten verteidegen soll.

Mir Politiker müssen eis am kloren sinn wei een Message mir un d'Gesellschaft weider ginn wann mir des Aktivitéiten also net versichen ze ënnerbannen wou des fundamental Rechter vu Mënschen, haaptsächlech Fraen, verletzt ginn.

Desen Debat hei ass perséinlech fir mech een vun deenen wichtegsten hei an diesem Haus, well et geet em d'Konsequenzen fir eist Land an hirer Gesellschaft deemno an wat fir eng Richtung mir an dieser Problematik histeieren.

Et geet em Wäerter, Wäerter, di mir an eiser Gesellschaft gären héich halen, et geet em Respekt , Dignitéit, d'Bild vun der Fra am Generellen an op de Mënsch weider als Wuer betruecht gëtt oder net.?

Et geet och em dat wat mir gären eisen Kanner vermëttelen wat e Kierper wäert ass,

et geet em eis Jongen an hir Astellung vis à vis vum aneren Geschlecht an et geet em eis Meedercher an wéi si de Wäert vun hirem Kierper anschätzen.

Et geet em e Mentalitéitswiessel, deen eng modern Gesellschaft brauch wann se gären vun Gläichberechtigung schwätzt an et geet generell em een Mentalitéitswiessel vun Männer vis à vis vun Fraen an enger Gesellschaft, di nach ëmmer méi schnell un Wäerter verléieren wäert, do sinn mir eis sécher,

wann riit weider vermëttelt gëtt dat et eigentlech dat normalst vun der Welt wier wann een säin Kierper verkeeft, wat eis zënter Joerhonnerten virgefouert ginn ass an wat elo vun enger Milliardenchwéierer Industrie riit weider vermëttelt gëtt, als EPPES wat selbstverständlech ass an waat einfach net méi eweg zedenken ass.

Richtig ass et, dat et Prostitutioun ëmmer wäert ginn, esou wei et Mëssbrauch, Folter an Vergewaltungen ëmmer wäerten ginn, mee et ass awer genau esou kloer dat wann een et akzeptéiert als Normalitéit a keng Géigemoosnamen trifft fir se ze ënnerbannen, se ëmmer méi wäert zouhuelen.

Virun 20 Joer hat ech eng komplett aner Astellung wie haut wann et em d'Prostitutioun gaangen ass.

Haaptsächlech well ech mech kaum matt dëser Problematik beschäftegt hunn an di Floskelen nogeklappert hunn di een an dësem Kontext ëmmer héiert. Zenter 1999 interesséieren ech mech elo fir dësen gesellschaftlechen Problem an versichen hannert de Schleier ze kucken den d'Gesellschaft driwwer gehaangen huet.

Ech kann mech nach gutt erënneren, wie di éischte Kéier eng schwedesch Delegatioun invitéiert gin war vun der deemoleger Chancegläichheitsministesch fir hieren neien schwedeschen Model virzestellen.

Ee Modell, deen dësen Phenomen vun enger neier Säit gesait .

Et ass sech fir di éischte Kéier an der Welt iwwerhaapt Gedanken gemaach ginn dat et an dëser Thematik och anescht geet an dat de Kaf vun engem Kierper als Gewaltakt ugesait an d'Prostituéiert als Opfer vum Mëssbrauch consideréiert.

Dat heescht an nëmmen 15 Joer huet den Schwedeschen Model sech an een nordeschen verwandelt an et fënnt een ëmmer méi Unhänger di elo an dësem Moment am gaangen si ze debattéieren fir sech dëser Approche di schonn 3 Länner an Europa ëmgesaat hunn, unzeschléissen, inklusiv de Conseil Eurpéen.

Well mär sinn eis jo eens dat et nëmmen een wierklechen Succès fir d' Mënscherechter bedeit wann op der ganzer Welt dësen Gedanken ëmmer ëmgesaat gëtt well d' Prostitutioun ass keen nationalen Problem mee een globalen.

Frankräich , Kanada, Irland, Dänemark, Litauen Sud Korea sinn am gaangen an des Richtung ze diskutéieren respektiv ëmzesetzen. An jo och Holland mécht des Iwwerleeungen no deem den Buergermeeschter vun Amsterdam festgestallt huet dat hiren Modell d'Situatioun aus dem Rudder lafen léist matt extrem

klammenden Gewaltakten vis a vis vun Prostituéierten , 50 Stéck di ëmbruecht ginn sinn seitdem si dësen liberalen Modell am Joer 2000 agefouert hunn wie och drastesch steigend Zuelen wat den Mënschenhandel betrëfft.

Prostitutioun ass keen Geschäft wie all die aner. Et wäert et ni si, well hei geet et em ee Gutt dat een net ersetzen, dat en net an eng Revisioun schecken kann oder nei bestellen kann wann et futti ass...

D'Madame Ministesch sot mer sollen des Thematik vun der pragmatescher Säit ugoen.

Mee wann et em de Kierper geet, wann et em den Verstand geet, wann et em Mënschen geet an meeschtendeels déi aller Schwaachst aus eiser Gesellschaft, dann kann een esou deng Debatt net feieren ouni Gefiller an dat mënschlecht matt anzebréngen.

An dat wat vum Mënsch nach iwwreg bleift wann en bis zu 30 Mol am Dag säin Kierper zur Verfügung stellt fir dass anerer hiren Spaass oder Muecht drun ausüben kennen, an daat doduerch „legal“ gemaach gëtt well en jo schliisslech dofir bezuelt ginn ass.

Dann kann een net esou maachen, wei et gären vun der Prostitutiounslobby an d'Welt gesat gëtt dat et dëst schonn ëmmer ginn ass an dofir einfach weider existéieren misst!

Et ass net well et eppes schonn laang gëtt dat et dofir an der Rei wär. Och d'Sklaverei gëtt et „säit éiweg“ , dat gëtt hier awer keng Berechtigung fir se legaliséieren!

Wann d'Verkafen vun sengen eegenen Organer net erlaabt gëtt dann ass dat och fir di äermsten a sozial Schwächten ze schützen hier Hornhaut oder hier Nier ze spenden géint eng Bezuelung. Dofir ass den Organhandel verbueden, well wann dëst erlaabt wär, et ëmmer méi Mënschen gëtt di schlecht genuch drun sinn, déi géifen behaupten dëst selbstverständlech „fräiwëlleg“ an et schrecklech gären ze maachen.

Mengt där Zuelen vun Spender géifen erop oder erofgoen wann een et legaliséieren géif? Et ass Demande di en legaliséierten Marché mécht géif een de Mënsch als Geschäft matt „Wueren“ akzeptéieren. Genau esou ass et och mam Geschäft mam Kierper.

Eng milliardeschwéierer Sexindustrie suert dofir dat een Bild vun der Prostitutioun entstanen ass, dat quasi iwwerhaupt näischt méi matt der Realitéit méi ze dinn huet an d'Bild vun der „glécklecher Houer“ vermëttelt di et an

Wierklechkeet net gëtt, esou wie et eng wierklech fräiwëlleg Prostitutioun och net gëtt.

Et ass d'Benotzung vun engem Kierper fir Sex duerch a Mann.

Et gëtt bezuelt matt Geld an dofir däerf een maachen wat een well.

Et ass eng bezuelten Vergewaltegung. Dat ass Prostitutioun a soss glad näischt.

Alles aneres wat erzielt gëtt beweegt sech an engem Mythos, waat matt Prostitutioun näischt méi ze dinn huet!

Et gëtt keng Welt iwwert di esou wéineg bekannt ass an iwwert di esou elegant geschwiegen gëtt wie di iwwert Prostitutioun.

Déi amerikanesch Wëssenschaftlerin Melissa Farley vun der American Psychological Associatioun huet eng Etude gemaach wou se eraus fonnt huet dat iwwert 62 % vun de Prostituéierten ausgesot hunn dat se vergewaltegt ginn sinn, un 73% vun hinnen as Gewalt ausgebeut ginn, an et beleed dat den Mythos vum "Happy hooker" absolut verréckt wär.

International Studien beweisen dat duerch dësen dagdeeglechen Mëssbrauch tëschent 60 bis 80% vun de Prostituéieren schlëmm psychotraumatesch krank sinn,

Schied di vergläichbar sinn matt deenen vu Krichsveteranen, Vergewaltegungsofger , Leit di gefoltert ginn si .

Bei kengen Servicer ass den Taux suicidaire esou heisch wie bei deenen di hiren Kierper verkafen. Laut engem Forschungsbericht iwwert d'Problemer an der Prostitution aus Irland sin et 38% dei suicidär sin. An des schléisst d'Donkelziffer nach aus!

Där Dammen an Hären,

Generell steieren mech ee puer Facteuren besonnesch wann een vun Prostitutioun schwätzt.

Éischtens dat et eng total verharmlos Duerstellung ass vun deenen Akten déi do mussen duerchgefouert ginn

An zweetens gett bal ëmmer aus der Vue vun deenen gekukt di Prostitutioun benotzen , encadréieren , kontrolléieren an profitéieren oder déi , wou krampfhaft dat verteidegen wat se all Dag erdroen mussen. Bei all dësen Temoignagen kann et keng Neutralitéit ginn!

Mee eppes ass sécher: bal ni héieren mär vun deenen di dem Milieu entkommen konnten?

Dobäi sinn dat eigentlech déi eenzeg di eierlech kennen sinn well se net méi vum Milieu ofhängeg sinn.

Ween wonnert et och dat een des Stimmen net héiert. well praktesch keng vun deenen Fraen, di et aus dem Milieu erausgepackt hunn, sech nach, sief et aus Schan, sief et well se net méi matt hirer Vergaangenheet confrontéiert wellen ginn, zu deem Thema an der Öffentlechkeet äusseren well.

Zur Verharmlosung, an zu deenen di dat esou schrecklech gären maachen an sech et selwer erausgesicht hunn.

Wann sech ze prostituéieren also een fräiwëllegem Choix soll sinn deen vir jiddwereen op ass, firwaat kommen di allermeeschten vun hinnen aus gesteuerten Familljeverhältnisser, goufen selwer oft sexuell méssbraucht , sin oft vollgepompelt matt Medikamenter oder Drogen, oder hun finanziel Probleemer an sinn kaum edukeiert?

Firwaat kommen di meeschten Fraen dann (iwwert 90%) aus den äermsten Géigenden vun der Welt, aus Afrika, Russland,Thailand, Nigeria, ( do wou ëmmer d'Meedercher verschwannen) den freieren Ostblocklänner, déi allermeescht matt falschen Verspriechungen ugeschmiert .

Här President , Där Dammen an Hären

Kéint Dier Iech eng Sekonn virstellen Iergendeen an seng déifsten Intimitéit eranzeloossen, an Pardon , Här President, ech probéieren mech elo mech an deem Parlament, esou würdevoll wie nëmmen meiglechauszédreken, fir dat wat et eigentlech ass, an all Kierperöffnung eran Akten ze erdroen, déi een uneekelen an wou eng gefroten Kompetenz, déi ass, den Schléckreflex ze kontrolléieren fir sech net ze iwwerginn. An dann nach während der ganzer Zäit, Kierper an Verstand ze dissociéieren fir de Moment ze iwwerstoen an en plus eng Oscarreif Duerstellung ze presentéieren wei super alles ass an wie gutt et doet matt der Angscht am Réck wat als nächst verlaangt gött. well wann Dier zougeet, ass de Client King.

Et brauch een jo just ze kucken wat an deenen Länner geschitt di et als normalsten Aarbecht vun der Welt reglementéiert hunn an matt deenen Länner vergläicht di dem sougenannten nordeschen Modell nogaangen sinn.

Do wou den verkaf vum Kierper als normalen Beruff gëllt sinn elo d'Dréischeiwen vum Mënschenhandel ginn, sinn d'Zuelen vun de Prostituéierten

eropgaangen, Gewalt un Fraen geklommen, den Alter erofgaangen an Praisser sinn gefall an de Staat ass zum gréissten Zuhälter vum Land ginn.

Eist Nopeschland, wou den Zuhälter Manager genannt gëtt an de Bordellbesetzer "Unternehmer im Erotikgewerbe" an wou den Hauptprofiteur vun der Prostitutioun an den Talkshowe setzt an net am Prisong, schreift d'Alice Schwarzer an sengem Buch „Prostitution, ein deutscher Skandal.

Ee nordeschen Modell, deem d'Prostituéiert als Affer gesait an d'Responsabilitéit bei dem Keefer sicht fir Demande ze drosselen huet d'Stroossenprostitution an 10 Joer am d'halschent ofgeholl an d'Befürchtungen dat et an d'Ënnerwelt ofgetaucht konnt net festgestallt ginn.

Par contre ass Schweden net méi interessant fir Zouhälter an Schlepper, d'Gewalt vis a vis vun Fraen ass no rezenten Policerapporten no gefall am Plaatz eropgaangen .

Dat Land wat Virreider an der sexueller Revolutioun war ass elo d'Land vum Mentalitéitswiessel bei Manner an Fraen an Kanner ass, wou iwver 70% hiert d'Prostitutiongesetz ënnerstëtzen an dat Allerwichtigst, Här President, di Jugendlech, déi kommend Generatioun et selbstverständlech fannen dat et net méi normal ass matt Suen een Kierper kafen ze kennen.

Bis un mäin Liewensenn wäert ech mech dofir asetzen, dat des Servicer net als normalen Beruff unerkannt ginn an d'Kanner an der Schoul erklären wat hier Mamm eventuell als Sexarbeiterin machen muss. Well eppes ass sécher, et hëlleft net vill ze sensibiliséieren an opzeklären bei Kanner an der Schoul wann een eppes Aneschtes an der Wirklechkeet virliift!

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren an bedauern awer das bei esou engem komplexen Thema Majoritéitsfraktiounen net d'Accord waren fir en Modell 2 ze kréien, deem vun eis ugefrot ginn ass. Schued wann ech iwverleeën das aner gesellschaftspolitesch Debatten vill méi Zäit kritt hun.

*Nancy Arendt*